



REÇU
Par Aiff Christian, 14:09, 04/01/2021

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/01/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & de Minister fir Aussenugeleeënheeten an Europa weiderzeleeden.

Aus engem Spiegel-Artikel vum 18ten Dezember geet ervir, dass BioNTech grad erwéi Moderna, der EU-Kommissioun virgeschloen hunn, nach Vaccin nozebestellen. Laut de Journalisten, huet d'EU-Kommissioun fir d'éischt mat europäeschen Hiersteller Kafverträg wollten ofschléissen. Anscheinend hätt den däitsche Gesondheitsminister appelléiert, fir méi BioNTech Vaccin ze kafen, verschidden EU Länner hätten sech awer dogéint ausgeschwat - dorënner och Frankräich - déi anscheinend op de franséischen Hiersteller Sanofi gehofft hätten.

D'EU Kommissioun grad ewéi de franséische Secrétaire d'État aux Affaires européennes hunn dës Aussoen dementéiert.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Hunn d'Hiersteller BioNTech a Moderna der EU-Kommissioun ugebueden, fir zousätzlech zu den am Kafvertrag festgehalenen Dosen, nodréiglech nach weider Dose bei hinnen nozebestellen?

Falls jo, aus wéi enge Grënn gouf dës Offer net ugeholl?

2. Moderna huet de 27ten Juli matgedeelt, dass si kéinten an déi 3ten Etapp vun hirer Studie starten. De Kafvertrag mat Moderna gouf awer eréischt de 25ten November ofgeschloss. De Moderna Vaccin kéint de 6ten Januar vun der europäescher Medikamenten-Agence approuvéiert ginn.

Firwat gouf 4 Méint nodeems dës Vaccin als ee vun den éischten an déi drëtt a leschte Phase vun hirer Entwécklung gaangen ass, eréischt ee Kafvertrag ofgeschloss?

3. D'Hiersteller Sonafi a GSK hunn matgedeelt, dass hiren Impfstoff warscheinlech léicht am leschten Trimester vun 2021 wäert prett sinn. Si hunn Enn Dezember 2020 annoncéiert an déi 3. Phase ze goen - 5 Méint no Moderna. D'EU-Kommissioun huet



awer schonn den 18.09 ee Kafvertrag ofgeschloss, den 2ten no AstraZeneca, déi déi 3 Phase vun Tester virum Vertrag annoncéiert haten.

Firwat goufe bei verschiddenen Hiersteller d'Kafverträg schonn ënnerschriwwen, éier si an déi drëtt Phase vun hire Studie gaange sinn?

Firwat goufe bei verschiddenen Hiersteller d'Kafverträg eréischt Méint nom Start vun der drëtter Phase ofgeschloss?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Député

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Député





CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 04 janvier 2021

Objet : Question parlementaire n° 3376 du 04.01.2021 de Monsieur le Député Sven Clement et de Monsieur le Député Marc Goergen - Achats de vaccins contre la Covid-19 par l'Union européenne

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés